

Ech begréissen Iech härelech op der Säit vun *xtreme-art-cooking*. Mer sinn eng Grupp vun Käch déi sech bereet erkläre hunn nieft eiser normaler Aarbecht eis Experienzen am Beruff ënnertenanner auszetauschen. Mer wëllen eis an Concoursen am Inl- an Ausland moossen an Weiterbildungscoursen eppes bäiléieren esou wéi eis Kenntnisser opfrëschen. De Kachberuff huet vill Facetten, awer oft kann een, wéinst der Zäit déi een an eng nei Recette stierchen muss, dës net ausliewen . Am Austausch mat aneren Käch wëllen mer dat mat eiser a.s.b.l errechen.

All Kach, Student am Hotel/Restauratiounswiesen, Hausfraa/mann, an Kachinteresséierten soll bei eis matmachen an beim Kachen seng Meenung beidroen kënnen. Zesummen sollen mer een gemeinsam Ziel uviséieren, nämlech den Austausch vun Informatiounen an Recetten. Esou kënnen mir nei Iddien an d'Kachen brengen.

Mer bidden demnächst Kach-Seminaren an Kach-Coursen fir Professioneller an all Kachinteresséiert un, an erméiglechen iech en Anbléck an de "Speed-Cooking" an, an d'Organisatioun vu "Show-cooking". Dir kënnt iech och en Iwwerbléck zu der Hygiene vun den Liewensmëttel , esou wéi zum Molekular-Kachen verschafen. Kach-Eventer esou wéi Benefiz-Veranstaltungen sinn schons geplangt.

Eis Equipe soll wuessen an jidwreeen deen kachinteresséiert ass kann eis ënnerstëtzen.

Angelo President fun *xtreme-art-cooking*